# Theater 1986 : Dräi onglécklech Männer

vum Fernand Raach




## 12.12.1986 Generalprouf

En Deel vun de Comitésmembren hunn sech afond, fir der Generalprouf vum Theater bäizewunnen.

Wochelaang war geprouft ginn, jiddereen hat sech gutt druginn, an esou waren eis Leit dann och esou wäit prett fir d'Opféierung vun eisem éischten Theaterstéck.

D'Bühn war och opgeriicht ginn, d'Kulisse fabrizéiert an tapezéiert. Dat Lescht wat nach gefeelt huet, war de Rido ; awer dee sollt och nach kommen. Just d'Op- an d'Zouzéien sollt eis nach viill Kappreeches bréngen.

## 13. + 14.12.1986 Theaterowender

Zweenol ware mer ausverkaaft, zweemol 130 Leit ware komm fir eisen éischten Theaterowend, an nach e ganze Koup Leit hu mer missen ofsoen oder heemschécken. Souguer den Här Fernand Raach, Auteur vum Stéck, war komm, fir sech eis Künstler unzekucken.

Den Echo war allgemeng ganz positiv, et gouf esou guer dervu geschwat, fir am Januar eng drëtt Opféierung ze maachen.

Verloust gouf och zweemol eng schéin Tombola (2x500 Lousen). D'Gewënner (Corbeillen) goufen zum Deel vu Comitésmembren gestëfft.

Ze ernimme bleiwen och nach de Pësperer Liliane Hein an de Maskebildner Raguet Michel (si sinn op dem Plakat net ernimmt).

Positiv ass och, dass nom Theater gläich geschwat gouf vum Theater, dat anert Joer.